LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles, op d'parlamentaresch Fro n°1898 vum éierbaren Deputéierte Sven Clement iwwert d'Zertifizéierung vu Keessesystemer a -software zu Lëtzebuerg**

Och wann et aktuell keng gesetzlech Bestëmmungen a Bezuch op d'Zertifizéierung vu Keessesystemer a -software zu Lëtzebuerg ginn, ginn et awer am Beräich vun der TVA an den direkte Steiere Referenzen op Keessesystemer.

Esou ginn z.B. am Artikel 70 vum TVA Gesetz, zanter 2015, spezifesch Informatioune vun de Keessesystemer viséiert, op déi d'Enregistrementsverwaltung bei Kontrolle muss kënnen zougräifen.

D'Circulaire vum Direkter vun den direkte Steiere L.G. - A n° 63 vum 15. September 2017 mam Objet "Obligations comptables en matière fiscale", gesäit iwwerdeems Follgendes vir:

« … *L'interdiction de l'altération ultérieure vaut également pour les logiciels de comptabilité. Des suppressions ou modifications ne permettant pas de retracer la comptabilisation originale ne sont pas permises. Les logiciels doivent être sécurisés afin d'empêcher toute modification subséquente.*

*Cette interdiction est également valable à l'encontre des caisses enregistreuses ou des systèmes points de vente qui doivent contenir des sécurités permettant de retracer l'opération originale en cas de suppression ou de modification. …* ».

Dëst garantéiert d'Genauegkeet an d'Integritéit vun den Transaktiounsdaten, wat fir eng korrekt Steiererklärung essenziell ass.

D'Enregistrementsverwaltung huet bei senge Kontrollen Zougrëff op Donnéeë vun de Keessesystemer. Allerdéngs féiert d'Verwaltung keng Statistiken doriwwer, wéi dacks eng Manipulatioun vun dësen Donnéeën detektéiert ginn ass.

Um europäeschen Niveau gëtt, eises Wëssens no, net u Pläng geschafft, fir d'Zertifizéierung vu Keessesystemer ze harmoniséieren.

Am Kader vun der Ëmsetzung vun der Direktive „VAT in the digital age" wäert driwwer nogeduecht ginn eventuell op de Wee ze goen eng Zertifizéierung vu Keessesystemer a –software anzeféieren. Zu deem Zäitpunkt wäert de franséische System och am Detail analyséiert ginn.

Lëtzebuerg, de 6. Mäerz 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth